



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 23. November 2022

## RESOLUTION

D'Chamber vun den Deputéierten

hält fest, datt:

- all Mënsch d'Recht huet, sech eegestänneg iwwert d'Politik vun allen an der Chamber vertruedene Fraktiounen a Sensibilitäten ze informéieren a sech eng eege Meenung iwwert hir Positiounen an hir Aarbecht ze bilden;
- Mënschen, déi ugewise sinn op Informatiounen, déi liicht verständlech a liicht ze liese sinn, op Problemer stoussen, wa si sech am Internet iwwert déi politesch Aarbecht informéiere wëllen;
- den digitalen Accès zu politeschen Informatiounen an Aarbechte vun deenen an der Chamber vertruedene Fraktiounen a Sensibilitäte fir déi betrafte Leit muss garantéiert ginn;
- dëse Problem e méi systematesche Gebrauch vun der liichter Sprooch fir d'Kommunikatioun erfuerdert;

erënnert drun, datt:

- Lëtzebuerg d'Ëmsetzung vun der Konventioun iwwer d'Rechter vun de Persoune mat Behënnerung aktiv ënnerstëtzt, wouduerch och am digitale Beräich verschidden Efforten néideg sinn;
- all Mënsch d'Recht huet, selbstbestëmmt ze liewen a fir seng eegen Intressien a politesch Iwwerzeegungen anzetrieden;

decidéiert dowéinst, datt:

- d'Chamber als Institutioun déi do vertruede Fraktiounen a Sensibilitäte mat finanziellen a personelle Mëttelen dobäi ënnerstëtzt, hir Internetsäit fir Mënsche mat Schwieregkeete beim Liesen a Verstoe vun Texter och a liichter Sprooch zougängelech ze maachen.



Fernand Kartheiser